



muss bezuelen, wéi wann ech géif a Frankräich schaffen?”

Ma déi Leit sinn dach keng Idioten! Déi gi jo da léiwer och fir eppes manner Loun op Metz oder op Nanzeg oder Gott weess wou schaffen, wa se souwisou déi dote Steiere musse bezuelen, an huelen net dee beschwéierleche Wee op sech. De Fakt ass einfach, datt dat heiten den Interêt ewechhëlt fir manner gutt bezuelt Frontalieren, fir iwwerhaupt op Lëtzebuerg ze kommen!

An da gëtt de Bemoll gemaach: Jo, Frankräich hätt do e Programm! Den Här Macron géif an Zukunft wëllen eventuell d'Steieren erfisetze fir déi Leit, déi manner verdéngen. Ma dorobber kënne mer eis dach net beruffen, wa mir hei Saachen ofstëmmen! Dat doten ass eng politesch Deklaratioun. Den Här Macron huet der scho vill gemaach, déi net agehale goufen. Dat do ass eng dovunner.

An da seet de Franz Fayot, de Kolleeg Franz Fayot, e géif de Bedenke vun der Chambre des Salariés net onrecht ginn, an déi wiere berechtigt a Gott weess wat. Wa se berechtigt sinn, da stëmmt géint dësen Text an net fir dësen Text!

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Reding. An da wier et um honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Här President. Ech weess och net, awéifern een dem Här Macron ka vertrauen. Géif ech a Frankräich liewen, géif ech mer déi Fro awer wierklech stellen an ech géif warscheinlech vill méi oft an enger gieler West dorëmmer lafen, wéi dat hei de Fall zu Lëtzebuerg ass.

Ech mengen, et ass scho méi wéi eng Kéier gesot ginn, an et ass och schonn den Avis vun der Chambre des Salariés zitëiert ginn. Also, ech ka mer gutt virstellen, datt de Macron virhuet, d'Steieren erfzesetzen. Ob et fir déi kleng Aarbechter ass, dorunner zweifelen ech! Ech mengen, en huet aner Pläng am Kapp an ass fir aner Pläng gewielt ginn.

Op jidde Fall, mir hunn och ganz staark Bedenken, well mer och der Meenung sinn, esou wéi d'Chambre des Salariés dat seet, datt grad déi méi kleng Salariéen a Frankräich schlussendlech d'Perdanté wäerte sinn no dëser Konventioun. Anerersäits wäert d'Kapital awer relativ gutt ewechkommen, well d'Taxatioun, d'Quellesteuer op den Dividende geet erof, d'Taxatioun och wat d'Zënsen ugeet, d'Quellesteuer gëtt och ofgeschaaft op der franséischer Säit. Op der Lëtzebuerger Säit gouf et déi net. Dat heescht, engersäits kann d'Kapital erëm eppes derbäigewannen, awer déi schaffend Leit, dat muss een nach eng Kéier kucken.

Wat den Teletravail ugeet: Den Teletravail, vu datt jo keng Sozialpolitik richteg méi bedriwwen gëtt an datt keng Emverdeelung gemaach gëtt Richtung Aarbecht, da komme mer ëmmer mat neie Geschichten! Den Teletravail kann a gewëssene Fäll natierlech néideg sinn. Mä den Teletravail ass bestëmmt keng Léisung fir vill Salariéen.

Et ass och net d'Léisung fir eis Traficsproblemer! Ech hunn e bëssen esou den Androck ..., well souwisou, Dir musst mir erklären, awéifern e Garçon an engem Restaurant - dat si jo och oft Frontalieren -, wéi soll deen dann den Teletravail maachen?! Dat gëtt e bësse komplizéiert, fir dat ze organiséieren.

Ech hunn den Androck, datt déi Leit, déi Frontalieren, an deem Fall dann d'Fransousen, déi fir de Mindestloun schaffen, wat jo einfach e vill ze vill déiwen an irrealistesche Mindestloun ass ... Dofir musse meeschtens d'Frontalieren dat maachen, fir wierklech e ganz kleng Salaire, oder iwwerhaupt Leit, déi fir eng méi bëlleeg Aarbechtskraaft dostinn, wat Frontaliere sinn. Da soe mer u sech: „Déi wëlle mer nach ëmmer heihinner schaffen hunn, well se méi bëlleeg sinn, mä mir wëlle se awer ëm Gottes Wëlle manner gesinn hei zu Lëtzebuerg! A si sollen och net eis Stroossen ze vill benotzen.“ Et ass awer e bëssen dat Signal, dat hei emetteiert gëtt!

Dofir wäerte mer och ... Dovun ofgesinn, datt véier Konventiounen an engem Projet de loi sinn - dat ass och richteg -, dat ass e bëssen eng komesch Saach. Ech hätt och nach eng kleng Remark, well dat verstinn ech einfach net: Et gëtt gesot, datt déi Konventiounen - dat ass an der Fiche financière - net suszeptibel wieren „de grever le budget de l'État“. Do weess ech net, mä bon, vläicht stëmmt dat. Mä ech fannen dat e bësse komesch, mir sinn awer hei an der Steierpolitik.

Op jidde Fall wäerte mer dëse Projet de loi net matdroen, well en en faveur ass grosso modo, och wann et ganz komplizéiert ass, vum Kapital an en défaveur vun den Aarbechter.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Mir fannen et och komesch, dass déi véier mateneen hei presentéiert ginn. An deementspriedend hate mer dann och e bësse Bauchwéi, fir se ausereneezehalen.

Et ass näamlech esou: Déi dräi éischt géife mer gäre matstëmmen, mä den Accord mat Frankräich kënne mer net matstëmmen, well et ze grouss Auswirkungen op d'Leit huet, déi op Lëtzebuerg schaffe kommen. An deementspriedend wäerte mir eis enthalen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Léif Kolleegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'Éischt e Merci un d'Joëlle Elvinger fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. An da fir d'Éischt e puer generell Remarken och op Basis vu Kommentaren, déi hei gemaach gi sinn.

Mat dëse véier Accorde moderniséiere mer natierlech eisen Ensembl vu Conventions de non-double imposition. Déi heeschen esou, mä ech kann Iech soen: An de leschte Joren ass aus deene Conventions de non-double imposition och en Instrument ginn, fir ze evitéieren, dass zweemol net besteiert gëtt - Convention de non-imposition -, an dat ass natierlech alles an der Suite vum BEPS a vun der OECD.

Dës Konventiounen, déi véier, amelioréieren dann eise ganzen Ensembl vu Konventiounen. Wann Dir déi Zoustëmmung gitt, da wäerte mer ronn 85 esou Konventiounen hu fir Lëtzebuerg. Mir sinn domat eent vun deene Länner op der Welt, déi am meeschten esou Konventiounen hunn.

Ech si gefrot gi vu verschiddenen Deputéierten, fir e bësse méi ausféierlech ze ginn. Ech wäert dat elo net hei vun der Tribün aus maachen, well dofir geet d'Zäit net duer, wat déi rezentsten Evolutiounen sinn a Saache BEPS, dat, wat zu Fukuoka a Japan virun e puer Woche vun dem G20 ofgeseent ginn ass a wat en fait en Accord vun der OECD am Cadre inclusif duerstellt. Wann d'Chamberskommissioun dat wëllt, an ech maachen dat ganz gär, géif ech no der Rentrée eng Kéier an d'Cofibu kommen, fir ze erklären, wou mer do dru sinn.

Ech kann och Verschiddener berouegen: Lëtzebuerg wäert an där ganzer Saach do proaktiv matschaffen. Déi Konsequenz vun deem Accord, deen nach net ganz ausgedäitscht ass an dee fäerdeg verhandelt muss ginn, sinn natierlech zum engen an der digitaler Économie, mä e wäert och Repercussionen hunn en général op déi traditionell Économie.

Dat bréngt mech dann derzou, fir ganz kuerz op déi véier Konventiounen ze schwätzen ze kommen:

Fir d'Éischt emol déi mam Usbekistan, wou d'Regierung 2011 schonn eng Ufro un Usbekistan gestallt hat, fir déi Konventioun ze moderniséieren, haaptsächlech fir d'Kooperatioun a Saache Renseignements sur demande ze verbessern an OECD-konform ze maachen, mä wou mer awer laang keng Antwort kruten. Mir sinn du méi rezent un Usbekistan erugetrueden an hunn du fäerdegbruecht, déi Konventioun ze verbessern, ze amendéieren, se elo konform ze maachen, soudass mer elo kënnen do vun der schwaarzer Lëscht ewechgehol ginn. Dat ass e Bestriewe vun dëser Regierung Bettel II, mä och Bettel I gewiescht, dass mer vun all deene schwaarze Lëschte fort kommen. Dat wäerte mer dann och mat dëser Konventioun mam Usbekistan fäerdegbréngen.

Mam Kosovo, dat ass en Novum, do hate mer keng Konventioun. An ech mengen, wat ech hei wëllt ënnersträichen, dat ass de Wëllen an déi Strategie, déi mer an der Regierung hunn, fir mat deene Länner, wou mer Aide d'urgence oder souguer Programmes de coopération hunn, fir mat deene Länner Accords de non-double imposition ofzeschleissen. Dat ass eis elo gelonge mam Kosovo. An doriwwer kann ech mech nëmme freeën.

Drëtte Punkt, d'Belsch, do kréie mer en Amendement zur existéierender Konventioun. An deem Amendement, deen introduzéiert eppes, wat mer par échange de lettres (veuillez lire : par accord amiable) 2015 tëscht dem belsche Finanzminister an dem Lëtzebuerger Finanzminister ënnerschriwwen haten, an zwar, dass mer dann déi 24 Deeg vu Seuil de tolérance aféieren. Dat gëtt elo

da formell an d'bilateral Konventioun geschriwwen. 24 Deeg war deemools besser wéi den Accord, dee mer mat Däitschland hu vun 19 Deeg, an ass e bësse manner gutt wéi dat, wat mer am rezentste mat Frankräich ofgeschloss hunn. An dat bréngt mech dann drop, vu Frankräich ze schwätzen, wou mer dann en Delai vun 29 Deeg konnten aushandelen.

Ech wëll iwwert déi franséisch Konventioun e bësse méi laang schwätzen, well se a mengen Aen eng ganz wichteg ass, a fir d'Éischt emol, fir ze soen, dass et eng Konventioun ass, déi fir Lëtzebuerg extrem favorabel ass. Si ass esou favorabel fir Lëtzebuerg, dass se jo och a Frankräich fir vill Kritik gesuergt huet, dass Lëtzebuerg fir vill Kritik gesuergt huet an der Acceptation parlementaire, an der Prozedur.

Mir kënnen eis hei freeën driwwer, dass mer - an ech kommen herno nach op den Teletravail ze schwätzen - nieft deenen 29 Deeg hei eng ganz Rëtsch Prinzipie konnte festsetzen, déi extrem wichteg si fir Lëtzebuerg. Éischstens emol confirméiert dës Konventioun, dass d'Besteuerung op de Salären an op de Pensiounen, déi hei zu Lëtzebuerg generéiert ginn, dass déi Besteuerung zu Lëtzebuerg läit. An déi, déi d'Actualitéit suivéieren, wäerten ze schätze wëssen, wéi wichteg et ass, dass mer dat an enger bilateraler Konventioun hei confirméieren.

Da ginn hei d'Fonds-d'investissement an d'Konventioun mat erageholl, wat an der fréierer Konventioun net de Fall war. Extrem wichteg fir eis Finanzplaz!

Et gëtt nach eng ganz Rëtsch aner Mesuren, déi positiv sinn. An dat ass, mengen ech, an dëser Debatt net genuch erausgeschielt ginn, well sech nëmmen op een Element fokusséiert ginn ass, op dat ech nach ze schwätze kommen, an zwar déi 29 Deeg. Hei ass e ganze Package gewiescht an dee Package ass extrem equilibriert a moderniséiert natierlech eis Konventioun mat Frankräich a mécht se konform zu den OECD-Regelen.

Ech kommen dann elo zur Regel vun den 29 Deeg. Par rapport zu eisen zwee aneren Nopeschlänner gesäit ee jo direkt, dass dat e Virdeel ass. Wat een ënnert deenen 29 Deeg muss verstoen, sinn en fait au sens stricte Deeg, wou een net zu Lëtzebuerg um Territoire ass. Mä ob dat wierklech d'Notioun vun Teletravail iwwerdeckt, ass guer net kloer. Well Teletravail heescht en fait, ech schaffen op Distanz, mä et ass, wéi wann ech do gewiescht wier.

De Grond, firwat mer déi Regeln hei gemaach hunn - 29, 24, 19 -, ass net weinst dem Teletravail. Dat ass gemaach ginn, well Abuse bestanen hu vun Entreprises, déi artificiell Leit zu Lëtzebuerg ugemellt hunn, well d'Sécurité sociale méi gönschteg ass, well d'Paie besser sinn, well d'Steiere méi niddreg sinn, bref, well et sech zu Lëtzebuerg besser leeft. An déi Leit, déi waren ni zu Lëtzebuerg! Si sinn an d'Ausland schaffe gaangen! Dofir ass déi Regel gemaach ginn!

An dofir soll een déi Seuils de tolérance, déi hir Berechtigung hunn, well Abusen do waren, net verwiessele mat deem, wat ee vläicht muer am Teletravail ka maachen.

Ech sinn de Moment amgaangen, mat der Belsch ze kucken, ob mer, wat d'Saachen Teletravail ubelaangt, eng Regelung kéinte kréien, déi eis méi Flexibilitéit gëtt. Mä wéi gesot, déi 29 Deeg do sinn net onbedéngt déi Deeg, déi ee mist an de Calcul eranhuelen, wéi een den Teletravail handhabet, den Teletravail, dee mir natierlech zu Lëtzebuerg all ënnerstëtzen, d'Regierung natierlech och, well mer domat Leit vun der Strooss kréien, méi Effikasitéit kréien.

Nach ee Wuert zu deem, wat hei vill diskutéiert a kritiséiert ginn ass. Mir hunn déi 29 Deeg verhandelt zum engen, mir hunn eng Rëtsch aner Avantagé krut an der Konventioun, mir hu méi Sécherheet kritt och fir d'Frontalieren, an d'franséisch Regierung huet eis gesot, si géif dann elo d'Méthode d'imputation huelen amplaz d'Méthode d'exemption. Et ass eben e franséische Choix!

Lëtzebuerg huet mat deem nationale Choix vu Frankräich éischstens näischt ze dinn a kann dat net influencéieren. Wann also d'franséisch Regierung amplaz d'Exemption unzewennen, déi geheescht hätt Folgendes: „Dir bezuelt Steieren zu Lëtzebuerg, also braucht Der am Frankräich keng ze bezuelen“, wa se mat der Méthode de l'imputation a Frankräich seet: „Dir hutt zu Lëtzebuerg 100 bezuelt, a Frankräich hätt Der misen 120 bezuelen, da musst Der op där Differenz déi 20 dann a Frankräich bezuelen“, jo, wann d'franséisch Regierung wëllt de Sort vun hiren eegene Leit méi schwéier maachen an d'Steierlaascht do an d'Luucht setzen, jo, dann ass dat e franséische Choix!

Esou eng Konventioun ze verhandelen, ass eppes mat ganz ville verschiddenen Aspekter, an do muss ee Kompromësser kënne maachen. An esou ass dat entstanen.

Da wëll ech nach derbäisoen: Et gëtt pauschal gesot, dass a Frankräich da méi Steiere géifen oder sollte bezuelt ginn. Dat ass net richteg! Dat hänkt vun der Familijsituatioun vun der Persoun of, dat hänkt vum Niveau vum Salaire of. Bref, dat kann een och pauschal net esou behaupten. A wann dann eng Reform vun de Steieren a Frankräich kënnt, a wann déi och gläich kënnt, dann ass den Effet erëm eng Kéier en aneren.

Zum Schluss wëllt ech awer och nach soen, dass mir och disposéiert an disponibel sinn, fir net nëmme mat de franséischen Autoritéiten, eben och mat de belschen Autoritéiten d'Mise en œuvre pratique vun all dësen Dispositiounen ze diskutéieren. Verschidde Saache bedierfen nach Präzisierungen. Mir maachen dat an engem Dialog mat eise Partner.

Mä d'Konklusioun, déi ech wëllt zéien hei an dëser Debatt, wat Frankräich ubelaangt: Mir moderniséieren hei eng Konventioun, déi 60 Joer al war. Déi ass elo konform zu den OECD-Regelen. Déi gëtt méi Clartéit, méi Modernitéit a si bréngt et fäerdeg, dass mer en fait mat engem Land, mat deem mer vill Diskussiounen hunn iwwer Steieren, et fäerdegbruecht hunn, hei en Accord ze maachen, dee gutt fir eist Land ass.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7390. Den Text steet am Document parlementaire 7390⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7390 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimadder ofgeschloss.

De Projet de loi 7390 ass mat 52 Jo-Stëmmen bei 6 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

11. 7328 - Projet de loi :

1° relative aux prospectus pour valeurs mobilières ;

2° portant mise en œuvre du règlement (UE) 2017/1129 du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2017 concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation sur un marché réglementé, et abrogeant la directive 2003/71/CE

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 7328, engem EU-Reglement iwwert d'Prospekter bei der Offer vu Wäertpabeieren. An ech géif direkt dem Rapporteur vun dësem Projet de loi, dem honorabelen Här André Bauler, d'Wuert ginn.

Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget



► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegeen, mat dësem Gesetzesprojet gëtt e weidert europäescht Reglement an nationaalt Recht iwwerdroen: d'Reglement 2017/1129.

► **Une voix**.- Aah!

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Et geet an dësem Fall ëm d'Obligatioun, e Wäertpabeierprospekt ze verëffentlechen, wann ee sougenannt „valeurs mobilières“ op engem Finanzmaart verkeeft. Méi genee leet d'Reglement fest, wéi eng Ufuerderungen a puncto Etablissement, Approbatioun an Diffusioun vun esou engem Prospekt musse respektéiert ginn.

ëm wat handelt et sech en gros bei dësem Dokument? Wéi den Numm et seet, gëtt e Wäertpabeierprospekt Informatiounen iwwert de Produit, deen ugebuede gëtt, wéi zum Beispill, ëm wat et sech genee beim Produit handelt, de Präis, Informatiounen iwwert d'Firma, déi de Produit offréiert, mä och eventuell Risiken, déi een natierlech net aus den Aen däerf verléieren, déi domadder verbonne kënnen sinn.

Op déi Manéier soll all potenzielle Keefer an der Lag sinn, eng bewosst Entscheidung, also eng Decisioun en connaissance de cause, ze treffen, wann e sech fir de Produit festgeluecht huet.

Dëse Prospekt gëtt et an der Europäescher Unioun scho méi laang. Ech erënneren drun: Mir hu scho virun eppes Klenges méi wéi dräi Joer, den 21. Abrëll 2016, hei am Parlament doriwwer geschwat. Deemools goug et ëm d'Modifikatioun an d'Präzisioun vun der sougenannter „Prospectus-Direktiv“ vun 2004.

D'Reglement, ëm dat et haut geet, passt virun allem de gesetzleche Kader un déi rezent Entwécklung vun de Finanzmäert un, andeems d'Regelwierk vereinfacht a verbessert gëtt. Op dës Manéier soll d'Kompetitivitéit vun der Europäescher Unioun op internationalem Plang verbessert ginn. Déi innereuropäesch Dispositiounen ginn effektiv duerch dëst Reglement weider harmoniséiert, wouduerch och déi Europäesch Unioun vun de Kapitalmäert verdéift gëtt.

E weidere Virdeel vun den neien Ufuerderungen ass deen, dass den administrativen Opwand reduzéiert gëtt an esou besonnesch déi méi kleng Entreprises et méi einfach gemaach kréien, fir sech op de Finanzmaart ze finanzéieren.

E puer konkret Ännerungen, déi mat dësem Projet ëmgasat ginn, sinn zum Beispill d'Eropsetze vum Seuil, ënnert deem ee kee Prospekt muss verëffentlechen. Während ee bis elo bei all Offer ab engem Wäert vu fënnef Milliounen pro Joer e Prospekt huet misse verëffentlechen, gëtt dëse Seuil elo op aacht Milliounen Euro eropgesat. Fir all Offer tëschent fënnef an aacht Milliounen Euro muss awer eng Fiche d'information publizéiert ginn.

Des Weidere gëtt och de Seuil eropgesat fir eenzel Mobilisatiounen vu Kapital, bei deem kee Prospectus muss verëffentlecht ginn. Dee Seuil louch bis elo just bei 100.000 Euro a gëtt elo op eng Millioun gehéicht.

Vu dass am neie Reglement nieft neien Exigenzen, Verpflichtungen a Präzisiounen awer och terminologesch Upassung virgeholl goufen, ass entscheet ginn, d'ofgeännert Gesetz vum 10. Juli 2005 zum Prospectus pour valeurs mobilières net ze änneren, mä ganz nei ze schreiwen. Den Opbau a fënnef Deeler orientéiert sech allerdéngs um ale Gesetz, un der aler Legislatioun. Ech verweisen do fir den Detail op de schrëftleche Rapport.

Här President, de Statsrot, fir dat nach ze präzisieren, huet säin éischten Avis den 22. Januar 2019 publizéiert. An dësem Avis hat déi héich Kierperschaft eng Rei Oppositions formelles formuléiert. Esou huet se zum Beispill op verschiddene Plaze méi Präzisiounen gefrot, fir Rechts-onsécherheeten ze evitéieren.

D'Finanzkommissioun, fir hir Säit, huet den 29. Abrëll eng Rei Amendementer ugeholl, déi de Remarque vum Statsrot Rechnung gedroen hunn. Op déi Manéier konnt de Statsrot dunn a sengem zweeten Avis vum 11. Juni gréng Luucht fir dëse Projet ginn.

Dat gesot, bleift mer nach just iwwreg, fir lech Merci ze soe fir d'Nolauschteren. An ech ginn dann och heimat den Accord vun der DP-Fraktioun fir dëse Projet.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci och hei dem Rapporteur, deen dat op eng exzellent Aart a Weis gemaach huet. Wann een em esou nolauschtert, huet een d'Gefill, en hätt säi

ganzst Liewen nëmme mat Wäertpabeiere gehandelt.

(**Hilarité**)

En huet dat op jidde Fall op eng ganz einfach a flott Aart a Weis erkläert. Mir bleift soss näischt ze maachen, wéi den Accord zu dësem Projet ze bréngen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Jo, Merci, Här President. Och vu mir e Merci un den André Bauler, fir säin ausféierleche Rapport. Mir haten zu dësem Projet Diskussiounen an der Kommissioun. Et ass haaptsächlech ëm d'Fro gaangen, awéifern dee Projet hei géif Repercussioune kréien op eis dach wichteg Aktivitéit am Beräich vun de Cotatiounen. Et ass gewosst, dass d'Lëtzebuerger Bourse eng vun deenen haapt europäesche Plazen ass, wou international Wäertpabeiere cotéiert ginn. An et ass eis versécher ginn, dass deen heite Projet keen Impact géif kréien op de Volume vun de Prospekter, déi hei bei eis cotéiert ginn, souwuel um Euro MTF, mä och um Marché réglementé.

Dat heiten ass e Projet, dee sech inseréiert an d'Union des marchés des capitaux. Et ass am Fong eng Kodifikatioun vum europäesche Prospectus-Recht an dofir eng Saach, déi ee ka begreissen.

Als een, dee selwer a senger Vergaangenheet emol esou Prospekter geschriwwen huet, kann ech lech versécheren, dass dat esou zimlech dat Onspannendst ass, wat et gëtt.

(**Hilarité**)

Méi fundamental stellt sech och d'Fro, ob iwwerhaupt een déi Prospekter do liest, déi jo am Fong do sinn, fir d'Investisseuren ze schützen. An dat ass - bon, elo e bëssen um Toun vun der Boutade gesot, mä awer trotzdem - e Problem, well et effektiv eppes ass, wat do ass, fir d'Leit ze schützen, mä awer a Realitéit ze vill komplex ass, fir wierklech vun den Investisseuren, an en particulier vun deene klengen Investisseuren, gelies a verstane ze ginn.

Et gëtt mëttlerweil simplifiéiert Prospekter a verschiddene Beräicher bei verschiddene Wäertpabeieren. Mä hei si mer am Fong ëmmer nach an enger Matière, wou u sech den Droit commun des prospectus virherrscht, an, voilà, wou ee sech ka froen, wéi effikass déi Prospekter hei wierklech an der Realitéit sinn.

Nichtsdestotrotz approuvéiere mer dee Projet de loi hei als LSAP-Fraktioun. Voilà, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Fayot. Da wier et un der honorabelen Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Villmools Merci, Här President. Ech maachen et méi kuerz. Wéi ëmmer huet den André Bauler e kompletten a gutt verständleche Rapport hei presentéiert, fir deen ech him villmools Merci wëilt soen.

Mir hu keng Remarque bäizefügen an duerfir ginn ech direkt den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President. Kéint ech ëmmer der Madamm Lorsché esou zoustëmmen! Effektiv: Merci dem André Bauler fir dee ganz komplette Rapport. A mir wäerten als ADR deen dote Projet och mat ënnerstëtzen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Reding. An dann den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Also, mir wäerten deen heite Projet de loi net matstëmmen. Et geet jo u sech ëm den Accès vu méi klengen Entreprises, och fir sech ze finanzéieren un de Marché-financieren amplaz bei de Banken, well och argumentéiert gëtt, datt et och net ëmmer evident ass, fir sech vis-à-vis vun de private Banken ze finanzéieren. Dat ass eng Tendenz, déi an den USA och scho vill méi üblech ass wéi hei an Europa.

Et ass keng total Dereglementéierung, mä et ass erëm weiderhin e Schratt méi a Richtung vun enger awer geféierlecher Entwécklung, fir ze soen, och wann nach Garde-fouen do sinn, datt weiderhin och nach méi kleng Entreprise sech kënnen bei de Finanzmäert finanzéieren, woubäi ech kaum gleewen, datt dat wierklech och eng Demande ass.

Ech hunn heiansdo den Androck, datt awer vergiess ginn ass, datt mer virun eelef Joer eng Finanzkris haten, déi e weltwäiten Impact hat. Vlächtt kéint eng nächst. An ech hunn den Androck, datt dat wierklech vergiess ginn ass.

Am Europaparlament huet och eis Fraktioun, d'GUE, dergéint gestëmmt. A si huet och zu Recht gesot, wann e Problem ass, e Liquiditéitsproblem ass, e Finanzéierungsproblem ass, da soll een ëffentlech Banken ënnerstëtzen oder aner Modeller vu Banken ënnerstëtzen, mä et soll een net a Richtung Finanzmäert goen.

déi gréng am Europaparlament hu sech enthalten, well se et vlächtt besser verstane hu wéi am Lëtzebuerger Parlament, op jidde Fall well se och gesot hunn, datt et géint de Konsumenteschutz geet.

An deem Sënn wäerte mir géint dëse Projet de loi stëmmen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Zu gudder Lescht hu mer den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Här President, duerch d'Ëmsetze vun dësem EU-Reglement droe mir mam haitege Gesetzesprojet zu enger Harmoniséierung vun den europäesche Kapitalmäert bäi.

Mir freeën eis, dass d'Dispositiounen vun dem Gesetz klengen a mëttelstänneschen Entreprises entgéintkomme sollen, andeems d'administrativ Belaaschtung fir si erofgesat gëtt an hinnen den Zougang zum Marché esou vereinfacht soll ginn. D'besonnescht Consideréiere vu PMEen ass eng Approche, déi och an den anere Beräicher vum Finanzmaart a vun der Ekonomie ganz allgemeng méi Uwendung fanne sollt. D'Ënnerstëtzung vun de klengen a mëttelstänneschen Entreprises ass essenziell fir d'Stabilitéit vun eiser Wirtschaft an däerf niewent de grouse Projekte mat Global Players wéi Google, Amazon a Co net ze kuerz kommen.

Leider, och wann d'Motivatioun hannert dësem Projet also duerchaus luewenswäert ass, muss een awer soen, dass dëse spezifesch Projet viraussiichtlech deene meeschte mëttelstännesche Betriber trotzdem net weiderhëlfe wäert, a wierklech klenge Betriber a Start-uppen, déi beispillsweis op Crowdfunding baséieren, och net, well si ganz einfach, och nodeems mer dëse Projet gestëmmt wäerten hunn, net mat Wäertpabeieren handele wäerten.

Fir dass awer wierklech all déi Patronen, déi d'Méiglechkeeten hätten, vun dësem Gesetz ze profitéieren, iwwert d'Dispositiounen an d'Konsequenze vun dësem europäesche Reglement informéiert sinn, hoffe mir dofir, dass d'Regierung iwwert dëse Gesetzestext eraus Mesuren treffe wäert, fir Patrone vu klengen Entreprises iwwer hir Méiglechkeeten am Beräich vum Wäertpabeierhandel opzeklären.

Mir wäerten dëse Projet fir d'Ëmsetze vum europäesche Reglement iwwert d'Wäertpabeierprospekter haut matstëmmen, well en duerchaus e Schrëtt an déi richteg Richtung ass, och wa mir am Beräich der Ënnerstëtzung vun de PMEen an Zukunft nach vill méi wäerte maache mussen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt Merci un den André Bauler fir seng ausféierlech mëndlech an och schrëftlech Berichter.

Mir sinn hei konfrontéiert mat engem Gesetz, wat eng Direktiv vun Europa ëmsetzt (veuillez lire : wat e Reglement vun Europa operationaliséiert) am Kader vun der Union des marchés des capitaux. Ech sinn d'accord mat deenen, déi soen, dass et ëmmer relativ indigeste ass, dat doten ze liesen, mä dat, wat hei gemaach gëtt a gesécher gëtt, dat ass natierlech, fir den Accès un d'Kapitalmäert esou transparent wéi méiglech ze maachen, esou effikass wéi méiglech, awer och an engems d'Persoun ze schützen, den Investisseur ze schützen.

Wat gëtt op de Kapitalmäert haaptsächlech gemaach? Eh bien, entweder ginn Aktien do kaaft oder Obligatiounen kaaft a verkaaft. Dat si Valeur-mobiliären, „Wäertpabeieren“ op Lëtzebuergesch.

A firwat ass dat heite gemaach ginn op europäeschem Niveau? An ech war vun Ufank un derbäi, wéi dat ausgehandelt ginn ass. Well eng ganz einfach Feststellung ka gemaach ginn: Dat ass, dass an Amerika méi wéi zwee Drëttel vum Finanzement vun den Entreprises iwwert d'Bourse, iwwert d'Marché gemaach ginn, an an Europa manner wéi en Drëttel.

Mir hunn also genau deen ëmgekeierte Phänomeen an Amerika an Europa. An Amerika ass d'Tendenz, dass d'Entreprise vill méi op de Maart ginn an do méi liicht Geld kënnen kréien

a fannen. An an Europa ass dat net de Fall. A mir hoffen, a ganz Europa hofft mat dësem Reglement, dass den Accès méi einfach gëtt, an zwar haaptsächlech fir d'petites et moyennes Entreprises. Fir déi ginn Erlichterungen, Simplificatiounen gemaach. Den Deputéierten André Bauler huet vun de Seüle geschwat, déi eropgesat gi sinn. En huet och beschriwwen, wéi den Accès fir Verschiddener méi liicht gemaach gëtt.

An engems muss derfir gesuergt sinn, dass den Investisseur weider protegéiert bleift.

Ech freeë mech, dass déi meescht Parteie ronderëm dës Chamber hei deen Text wäerten ënnerstëtzen, well en huet positiv Konsequenzen, net nëmme fir d'Union des marchés des capitaux, mä och positiv Konsequenze fir Lëtzebuerger.

An ech géif gären zwee Wuert iwwert d'Lëtzebuerger Bourse soen. Mir hu mat der Lëtzebuerger Bourse, wéi dat och richtegerweis vum Här Fayot ënnerstrach ginn ass, e ganz wichtigen Akteur vun der Finanzplaz, net nëmme zu Lëtzebuerger, mä ee vun deene wichtigsten Akteuren op der Welt an deem Domän.

Eis Bourse ass haaptsächlech staark an den Obligatiounen, ganz wéineg (veuillez lire : mander) an den Aktien. Mä an den Obligatiounen ass se ee vun den Haaptakteuren op der Welt. Mir hunn zu Lëtzebuerger méi wéi 35.000 Valeuren, déi do cotéiert sinn. Am Joer 2018 eleng sinn 1.400 Dossieren op der Lëtzebuerger Bourse (veuillez lire : vun der CSSF) traitéiert ginn. Dofir, déi Simplificatioun wäert mat sech bréngen, dass méi kleng Akteure wäerten op d'Bourse goen. An dat wäert der Bourse zu Lëtzebuerger hëllefen.

Ech wëilt awer nach en anert Wuert iwwert d'Lëtzebuerger Bourse hei verléieren. Wat och ganz wichteg ass, dat ass, dass d'Bourse virun zwee Joer de Luxembourg Green Exchange lancéiert huet. Dat ass bis haut déi eenzeg Bourse op der Welt, déi exklusiv gréng Obligatiounen cotéiert. An déi Iddi war u sech e bësse revolutionär, wéi se virun zwee Joer erauskomm ass. An d'Resultat ass, dass haut zu Lëtzebuerger op deem Luxembourg Green Exchange méi wéi d'Halschent vun alle gréngen Obligatiounen weltwäit cotéiert ginn. Dat ass e remarkabelt Resultat.

An d'lescht Woch hate mer d'Geleeënheet, fir och déi gutt Noricht zur Kenntnis ze huelen, dass d'Weltbank vun elo un alleguerten hir Obligatiounen wäert zu Lëtzebuerger op dem Luxembourg Green Exchange cotéieren.

Dir gesitt: Mir sinn also als Lëtzebuerger hei e wichtigen Akteur à travers la bourse, ob dat elo ass op den normalen Obligatiounen, ob dat elo ass op de gréngen Obligatiounen, wat also natierlech fir d'Finance durable wichteg ass. An dofir fannen ech, dass et elo e ganz gudd Moment war, fir dëst Reglement ze operationaliséieren am Lëtzebuerger Droit, an dat an den Delaien.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7328. Den Text steet am Document parlementaire 7328⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7328 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7328 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;



MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

12. 7430 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accèsion de la République de Macédoine du Nord, signé à Bruxelles, le 6 février 2019

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'immigration et de l'Asile

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi 7430 iwwert de Bäitrëtt vun Nordmazedonien zur NATO. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Jo, Merci, Här President. Léif Kolleeinnen a Kollegen, Här Minister, mat deemem Projet de loi 7340 approuvéiert ons Chamber haut de Protokoll zur Accessioun vun der Republik Nordmazedonien zum Traité de l'Atlantique Nord. An domat gëtt Nordmazedonien dat 30. Memberland vun der NATO.

Dir wësst jo, dass et bei der NATO déi sougenannten „Open Door Policy“ gëtt. An des Policy ass am Artikel 10 vum Traité vum Atlantique Nord vum 4. Abrëll 1949 niddergeschriwwen. Den Traité gëtt och „Traité de Washington“ genannt. An ech zitéieren deen Artikel, dee seet: « Les parties peuvent, par accord unanime, inviter à accéder au Traité tout autre État européen susceptible de favoriser le développement des principes du présent Traité et de contribuer à la sécurité de la région de l'Atlantique Nord. »

Nordmazedonien, deemools nach ënner engem aneren Numm, ass säit Métt den 90er Jore mat der NATO involvéiert an huet am Kader vum MAP, vum „Membership Action Plan“, eng Rei Reformen op militäreschem, politeschem, wirtschaftlech a juristeschem Plang duerchgefouert. Och huet d'Land tëschent 2002 an 2014 bei der ISAF ënnert dem Lead vun der NATO Truppen am Afghanistan deployéiert an ass och haut nach mat 47 Mann oder Leit vu senger Arméi präsent an der Resolute Support.

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

Den Haaptobstakel zur nordmazedonescher Mitgliedschaft bei der NATO war de Sträit ëm den Numm vum Land mat Griichenland. D'NATO huet 2008 decidéiert: « (...) qu'une invitation serait faite à l'ex-République yougoslave de Macédoine dès qu'une solution mutuellement acceptable aura été trouvée à la question du nom », an des Positionen gouf dann op verschiddeenen NATO-Sommeten ëmmer erëm widderholl.

An deem Kontext koom et dann endlech am Juni 2018 zum sougenannten „Prespa-Accord“ tëschent Athen a Skopje ënnert der Leedung vun de Vereenten Natiounen.

Erlaabt mer, just kuerz op dësen Accord anzugehen, well et an engem Zäitalter vun enger Rei vu Konflikter, déi oftmools onléisbar schéngen, weist, dass Diplomatie a politesche Courage Länner kënnen zesummebréngen.

1991 ass Nordmazedonien nom Zerfall vu Jugoslawien onofhängeg ginn. An am Verglach zu villen anere jugoslaweschen Deelrepublike war dat eng friddlech Onofhängegkeet. Dat Land huet dann den Numm kritt „Sozialistesche Republik Mazedonien“.

D'Griichen haten awer mat deem Numm Bedenken, souwuel historiesch wéi och kultureller Natur. An anscheinend och aus Sécherheetsaspekter hate se Problemer mat deem Numm. Eng ganz Rei vu Léiungsversich a Mediations-efforten hunn all feelgeschloen.

Och wann 1995 déi zwee Länner hir bilateral Relatiounen formaliséiert hunn an eng Solution

intermédiaire ausgehandelt hunn, ënnert där se sech derzou verflucht hunn, eng permanent Léisung ze fannen, hu sech Léiungsvirschléi ëmmer erëm zerschloen. Nach 2016 goufen et Provokatiounen op béide Säiten. Nationalistesche Kräfte hu Frustratiounen ausgenotzt an op de Problem vum Numm iwwerdroen.

2017 ass et dann no de Wahlen an der fréierer Republik Mazedonien zu enger neier Koalitioun komm. Ënnert der Leedung vun de Sozialdemokraten an dem Premier Zoran Zaev ass déi konservativ-nationalistesche Regierung ofgeléist ginn an et ass dann zu enger positiver Léisung am Sträit ëm den Numm komm. D'Haaptzil vun där Léisung war natierlech déi euro-atlantesch Integratioun.

Och de griichesche Premierminister Tsipras huet sech enger Léisung vun deem Sträit verschriwwen, wuelwëssend, dass dës Wee politesch Käschte mat sech géif bréngen.

No der Ënnerschrëftzeremonie den 12. Juni 2018 ass de Premier Tsipras dann och als éischte griichesche Premier säit der nordmazedonescher Onofhängegkeet op nordmazedonesche Buedem gaangen.

An de 25. Juni 2018 huet dann de griicheschen Ausseministère der EU an der NATO Bescheid gesot, dass se sech net méi géint d'Accessioun vun Nordmazedonien an d'NATO an och an d'EU géife stellen.

De 6. Februar 2019 hunn déi 29 NATO-Memberen den Accessiounsprotokoll fir Nordmazedonien ënnerschréiwven.

An effektiv huet dës Schrëtt, fir de Problem vum Numm ze léisen, vill politesche Courage kascht an e Wëllen, seng eegen Interëten deelweis fir d'Allgemengwuel anzesetzen (veuillez lire : ze affären). Politesche Courage, well mir wëssen, dass a Griichenland Sondagen duerchgefouert gi si vu Medien. An do waren iwwer 60 % vun de Leit géint deen Numm. Et huet also Courage vum griichesche Premier Tsipras gefuerdert.

An Nordmazedonien huet d'Populatioun an engem Referendum mat grousser Majoritéit de Changement vum Numm ënnerstëtzt. Woubäi een awer muss soen, dass just 37 % vun de Leit hir Stëmm ofginn hunn.

Sécher haten déi zwee Politiker hir eegen Interëten, mä allen zwee hu se missen duerch d'politescht Feier goen, fir den Accord ofzeschleissen an dann ze ratifizéieren.

An ech mengen och, zu Recht goufe si zwee 2019 och fir de Friddensnobelpreis virgeschloen. An enger Region, wou ethnesch an identitär Reiweren nach ëmmer e Potenzial fir Konflikter a Gewalt biergen, ass dësen Accord en Testament dofir, dass Brécke bauen eng besser Léisung ass.

Et bleift ze hoffen, dass dësen Accord och eventuelle politesche Changementer an deenen zwee Länner standhält.

Et ass elo un den 29 NATO-Memberlänner, fir de Protocole d'accession ze ratifizéieren, ier en a Kraaft triede kann. A mengem schrëftleche Rapport konnt Der liesen, dass bis ufanks Mee an engen zielef NATO-Memberlänner d'Parlamenten schonn den Accord ginn haten. Mëttlerweil, op den Dag vun haut, sinn dat der schonn 20, wann ech richteg informéiert sinn. An ech géif lech dofir bieden, haut hei dës Projekt och ze stëmmen. An ech ginn am Numm vun der LSAP den Accord heizou.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Rapporteur. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech mengen, et ass net vill ze soen nom Marc. En huet e ganz gudd Schrëftlechen a mëndleche Rapport gemaach. En huet souguer am Fong dës Accessioun och an e politesche Kontext gesat. Déi lescht, déi mer haten, deen 29. Member, dat war jo ... Dat hei ass Nordmazedonien, an dat anert war de Montenegro. Dat huet geklappt. Dat hei wäert och klappen. A mir wäerten och hei eisen Accord ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Dann huet den Här Eugène Berger d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Och fir d'Alleréischte e grousser Merci un de Rapporteur, de Marc Angel, dee jo och Member vum NATO-Parlament ass, wéi och scho mäi Virriedner an ech selwer och. Dat heescht, dass mir eis duerfir och erlaben, dann zu deemem Projet kuerz ze schwätze respektiv eis och méi oder wéineger drop beschränken, den Accord ze ginn.

Ech wëll awer trotzdeem soen, dass et ganz interessant war, dass de Rapporteur do awer op den Historique agangen ass. Et ass jo heiansdo scho ganz verwonnerlech, dass et eigentlech ... Hei ass et jo praktesch am Endeffekt nëmmen ëm en Numm gaangen, wou sech drëm gestridde ginn ass; wann een dat esou aus der Distanz kuckt. Et sief! Ech mengen, mir sinn alleguer frou, dass et awer zu deem Accord komm ass, wou d'Diplomatie voll gespillt huet. Dat ass eigentlech dee richtige Wee.

Mir freeën eis drop, fir deemnächst dann zu 30 an der NATO ze si respektiv do och nei Memberen an d'NATO-Parlament ze kréien. An ech mengen och, dass hei Nordmazedonien elo an d'NATO kënnt, dat ass sécherlech och e Plus - dat wëll ech awer och ervirhiewen - fir eng gutt Zesummenaarbecht an deem euro-atlantesche Bündnis.

Dat gesot, géif ech op alle Fall, Dir hutt et verstanen, och den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet abréngen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Stéphanie Empain.

► **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Villmools Merci och dem Rapporteur hei fir de Rapport a fir den Historique op alle Fall. E ganz besonnesche Merci fir ee vun de leschte Sätz: „Brécke bauen“ ass nach ëmmer dat Besch, wat ee ka maachen! An dat huet dës Geschicht, wat jo awer och en Erfolleg ass, um internationale Plang gewisen.

An domat ass deem net méi derbäizefügen, dofir vun eis och den Accord fir dës Projekt de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. An dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Ech wëllt och vläicht ufänken, fir dem Marc Angel villmools Merci ze soe fir e ganz gudden Exposé, souwuel mëndlech wéi schrëftlech. Dat gëtt ëmmer gesot. Et ass och vollkomme begrënt.

Déi Extensioun vun der NATO hei wërft Froen op.

Déi éischt ass natierlech, wann ee kuckt, wat an Nordmazedonien geschitt, da mierkt een: Dat ass e Land, wat Problemer huet. Et ass e Land, dat der Korruptioun ausgesat ass. Et ass e Land, dat Problemer mat Polizeigewalt huet, an nach eng ganz Rei aner Problemer, déi an de Mënscherechtsrapporte rensignéiert sinn.

A fir eis stellt sech dann natierlech d'Fro: Si mir als NATO eng Communauté de valeurs, eng Wäertgemeinschaft? Awéiwäit si mer dat iwwerhaupt nach? Oder si mer just nëmmen eng militäresch Allianz?

Mir hunn aner Länner an der NATO, déi gravéierend Mënscherechtsproblemer hunn, zum Beispill d'Tierkei. An ech mengen, et ass ganz wichteg, dass mer, wa mer iwwer eng Communauté de valeurs am Weste schwätzen, och géintiwuer deene Staten an och an den NATO-Gremien insistéieren, dass déi Defaillancen am Mënscherechtsberäich musse redresséiert ginn, déi do festgestallt ginn.

Och am Verhältnis mat Russland ass en NATO-Elargissement ni eppes Einfaches. D'Russen hu Bedenken. Aus hirer Perspektiv ass dat och nozevollzéien. Mä mir sti kloer zu deem Prinzip, dass all Land fräi kann decidéieren, wéi eng Allianz et wëllt fir sech selwer wielen.

Trotzdeem musse mer och, wa mer d'NATO erweideren, eis ëmmer erëm d'Fro stellen: Wéi regelt mer dann d'Verhältnis zu Russland? Mir hunn alleguer virun e puer Deeg eng Deklaratioun geschéckt kritt, iwwert den Här Chamberspräsident, vum ieweschte federative Rot vun der Russescher Republik, an där nach eng Keier gefuerdert gëtt, dass mer mussen ewechkomme vun deem Klima vu Konfrontatioun an hin erëm zu engem Dialog tëschent de politeschen a militäreschen Instanzen, tëschent der Russescher Federatioun an den NATO-Gremien.

Ech mengen, dass ass dee richtige Wee. Mir haten als ADR scho jorelaang gesot, dass déi Sanktiounen zu näischt féieren, déi mer elo hunn. An et huet sech och bewisen am Conseil de l'Europe elo virun e puer Deeg, dass déi russesch Delegatioun hir Pouvoir confirméiert krut, obscho sech um Terrain, notament zum Beispill an der Krim, jo näischt geännert huet.

Et ass einfach eng real politesche Entwécklung. A mir verléieren Zäit an eise Relatiounen mat Russland, wa mer net déi Entwécklungen anticipéieren an einfach dee Schrëtt maachen, fir ze probéieren, Negociatioun do anzeféieren, wou bis elo nëmmen eng Sanktiounslogik fruchtlos applizéiert gëtt.

Mir mussen dee Schrëtt maachen. An ech mengen, et ass elo, och wa mer d'NATO elar-

géieren, wat mir och als ADR matdroen. Wéi gesot, mir akzeptéieren, dass all Land seng eegen Allianze ka sichen. Mä mir verlaangen awer och, dass mer net an enger Logik vum Kale Krich an Europa hänke bleiwen, déi sech souwi-sou schwéier justifizéiere léisst, wann iwwerhaupt, an zrëckkommen op e Mateneen, wa méiglech och mat der Russescher Federatioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An den nächste Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Et ass jo bekannt: Fir fir Entspannung a Friden ze suergen am Verhältnis mat Russland, muss een déi militäresch vun den USA dominéiert Allianz NATO stäerken a féerden.

Ech hu wierklech den Androck, dass mer amgaange sinn, e bësse geckeg ze ginn, well ech verstinn ëmmer manner, inwiefern een an der aktueller Situatioun, wou jidderee weess, dass d'NATO u sech soss näischt ass wéi e Militärbündnis, dat géint Russland ausgerichtet ass, ... Domadder wëll ech natierlech net, pour ceux qui ne l'auraient pas encore compris, d'Regierung vum Här Putin oder deem seng Politik verteidegen. Mä op jidde Fall wësse mer, dass eng Verstärkung vun der NATO op jidde Fall net fir Entspannung suert, iwwerhaupt d'Existenz selwer vun der NATO op jidde Fall net fir Entspannung suert.

Dat haten déi gréng deemools och souguer nach verstane während dem Kale Krich. Anscheinend hu se dat och elo vergiess.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Ech wëllt awer och nach soen - ben, et ass gesot ginn -, dass e Referendum an Nordmazedonien war. Dee Referendum, do hunn iwwer 90 % vun de Leit fir de Bäitrëtt an d'NATO natierlech gestëmmt. Et hunn awer nëmme 37 % vun de Leit participéiert, soudatt de Referendum keng Gültegkeet hat. Grosso modo: Et hunn nëmmen déi Leit matgestëmmt, déi fir de Bäitrëtt an d'NATO sinn.

Et kann een dervun ausgoen, dass an Nordmazedonien eng Majoritéit vun de Leit géint dee Bäitrëtt an d'NATO sinn. An ech mengen, déi Leit wësse wahrscheinlech och wouweinst. Obwuel immens vill Drock gemaach ginn ass an déi ganz Notabilitéit vun der EU, vun der NATO an natierlech vun der amerikanescher Ambassade zu Skopje do präsent war, fir wierklech vill Drock auszeüben op d'Bevëlkerung, a Mazedonien quasi mat Drokulisse geschafft huet: „Wann Der dat net maacht, wa mer net bätrieden, dann ass erëm Chaos.“

Ech menge souguer, dass et an déi aner Richtung wäert goen, dee Bäitrëtt vun Nordmazedonien. Ech mengen, dass dat déi nationalistesche Kräfte an Nordmazedonien - ech sinn net deen Eenzege, deen dat mengt - wäert stäerken, well, et muss een et einfach soen, ganz vill Leit an Nordmazedonien net zefridde si mat der Situatioun, dass hir Regierung eng Decisioun trifft, déi u sech net dem Wëlle vun der Bevëlkerung entsprécht. An dat opgrond vu fierchterlechem Drock, dee vu Washington koom oder vu Bréssel oder vun deene verschiddeene Capitalen hei an Europa.

Dofir wäerte mir natierlech och, vläicht e bëssen esou wéi dat mazedonescht Vollek et vläicht och gemaach hat, géint dës Projekt stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Merci dem Rapporteur Marc Angel fir de gudden Rapport. Mir freeën eis, dass Nordmazedonien a Griichenland erëm zesumme fonnt hunn an de Wee fräigemaach ginn ass, fir dat neit Memberland an der NATO opzehuelen.

Mir ginn awer och ze bedenken, dass d'NATO net alles därëf stillschweigend hinhuelen, a ginn och do ze bedenken, dass d'Positiounen vun der Türkei, notament fir op eemol do russesch Rakéiten ze positionéieren, net einfach esou vun eise Länner dierfen nogekuckt ginn, mä dass een do och eng kloer Positioun soll huelen.

Mir wäerten haut d'Unerkennung fir de Bättrëtsprotokoll vun Nordmazedonien matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, en remplacement de M. Jean Asselborn,*